N°265
Entrée le 01.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.02.2024

adr

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Februar 2024

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Aktuell halen sech eng Rei "Gazaoiden" (Leit déi ursprénglech aus der Gazastäif stamen) als BPIen zu Lëtzebuerg op. Zousätzlech hunn eng Rei Lëtzebuerger Staatsbierger en entspriechende Migratiounshannergrond. Esou wéi et mir zougedroe gouf, halen sech d'Familljememberen a béide Fall allerdéngs nach dacks an der Gazasträif op. Eng Rei vun EU-Länner schéngen am Kader vum aktuelle Krich, Demarchen ënnerholl fir déi Leit ze evakuéieren an eng Familljenzesummeféierung an Europa ze erméiglechen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Bausseminister gär dës **dréngend** Froe stellen:

1) Ass dem Här Bausseminister deen entspriechende Probleem bekannt? Falls jo, kann den Här Bausseminister eng Tabell presentéieren, wéi vill BPIen aus der Gazasträif a Lëtzebuerger Staatsbierger mat entspriechendem Migratiounshannergrond sech aktuell hei am Land ophalen, wéi vill vun hinnen der aktuell nach Familljememberen an der Gazasträif hunn a wéi vill vun hinnen der virum an nom Ausbroch vum Krich bei den Autoritéiten eng Demande fir d'Familljenzesummeféierung gestallt hunn?
2) Kann den Här Bausseminister bestätegen, datt aner EU-Staate speziell am Kader vum Krichsausbroch zousätzlech Familljenzesummeféierunge virgeholl hunn?
3) Plangt Lëtzebuerg änlech Demarchen? Falls jo, zesumme mat wéi enge Partnerstaaten an Institutiounen? Falls net, firwat net?
4) Huet Lëtzebuerg scho probéiert Informatiounen iwwert d'Situatioun vun deene betraffene Leit an der Gazasträif ze kréien?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N°265
Entrée le 01.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Xavier Bettel, an dem Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro Nummer 265, vum 1. Februar 2024, vum honorabelen Deputéierten, Här Fernand Kartheiser**

1) ***Ass dem Här Bausseminister deen entspriechende Probleem bekannt? Falls jo, kann den Här Bausseminister eng Tabell presentéieren, wéi vill BPIen aus der Gazasträif a Lëtzebuerger Staatsbierger mat entspriechendem Migratiounshannergrond sech aktuell hei am Land ophalen, wéi vill vun hinnen der aktuell nach Familljememberen an der Gazasträif hunn a wéi vill vun hinnen dervirum an nom Ausbroch vum Krich bei den Autoritéiten eng Demande fird'Familljenzesummeféierung gestallt hunn?***

Et ass net méiglech, déi gefrote Statistiken ze presentéieren, well d'Persounen aus der Gazasträif net kënnen eenzel identifizéiert ginn. Engersäits ass et schwiereg d'Leit aus Palästina iwwerhaapt ze identifizéieren, well d'Lëtzebuerger Autoritéite Palästina net als unerkannten Nationalitéit ugesinn, an d'Leit dofir net kënne mat där Nationalitéit erfaasst ginn. Dofir kënnen och keng Statistiken unhand vun der Nationalitéit opgestallt ginn. Zudeem misst jo dann nach zousätzlech ënnerscheet ginn, ob d'Leit aus der Gazasträif kommen oder aus enger anerer Regioun vu Palästina, wat och op Basis vun den erfaassten Informatiounen net méiglech ass. De Staat féiert och keng Statistiken iwwert d'Familljememberen vun Drëttstaatler, déi nach an hirem Heemechtsland oder an engem anere Land wunnen.

Rezent krut den Inneministère 3 Ufroe fir e Regroupement familial vu Leit aus der Gaza-Sträif. Dovu gouf eng Demande refuséiert, well d'Konditiounen net erfëllt waren, an 2 Demandë sinn nach am Traitement. Et sief rappeléiert, dass de Regroupement familial duerch d'Immigratiounsgesetz gereegelt an u bestëmmte Konditioune gebonnen ass.

2) ***Kann den Här Bausseminister bestätegen, datt aner EU-Staate speziell am Kader vum Krichsausbroch zousätzlech Familljenzesummeféierunge virgeholl hunn?***

Et kann een net bestätegen, datt aner EU-Staate speziell am Kader vum Krichsausbroch zousätzlech Familljenzesummeféierunge virgeholl hunn, déi ausserhalb vum gesetzleche Kader virgesi sinn.

3) ***Plangt Lëtzebuerg änlech Demarchen? Falls jo, zesumme mat wéi enge Partnerstaaten an Institutiounen? Falls net, firwat net?***

Wéi den 21. Februar op der Pressekonferenz vum Här Premierminister erkläert, plangt Lëtzebuerg de Moment net, d'Familjenzesummeféierung ausserhalb vum Immigratiounsgesetz vun 2008 ze erméiglechen.

4) ***Huet Lëtzebuerg scho probéiert Informatiounen iwwert d'Situatioun vun deene betraffene Leit an der Gazasträif ze kréien?***

De Ministère fir auswäerteg an europäesch Ugeleeënheeten, Verdeedegung, Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel huet Informatiounen iwwert d'Situatioun vun de Familljememberen vu verschiddene betraffene Leit an der Gazasträif kritt an hat kierzlech d'Geleeënheet, fir sech mat enger vun de Familljen zesummenzesetze fir hir Ëmstänn besser ze verstoen.

Lëtzebuerg, den 1.Mäerz 2024

De Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel